Europawahlen
26. Mee 2019

LSAP

Manifest

Europa.
Kloer.
Anescht.

europa.lsap.lu

Europa. Natierlech. Gerecht. S. 4	**Europa. Bestëmmt. Solidaresch.** S. 6	**Europa. Onbedéngt. Erneierbar.** S. 7	**Europa. Absolut. Innovativ.** S. 8	**Europa. Sécher. Demokratesch.** S. 10	**Europa. Weider. Friddlech.** S. 11

LSAP

Et gëtt keng
Alternativ zu Europa.
Mee et ginn Alternativen zur aktueller europäescher Politik.

**Europa.
Kloer.
Anescht.**

europa.lsap.lu

Europa ass Fridden, Demokratie a gemeinsam Wäerter, déi mer mat all eisen europäesche Matbierger deelen. Europa, dat ass d'Fräiheet ze reesen an ze schaffen, wou ee well, ouni Kontrollen a Bedéngungen. Europa ass d'Méiglechkeet fir eis Jugendlech, iwwerall studéieren an Ausbildunge maachen ze kënnen, nei Kulturen a Mënsche kennen ze léieren. Europa ass de weltgréisste Bannemaart, deen eisem Land wirtschaftleche Wuelstand séchert. Europa, dat ass eng gemeinsam, staark Währung. Europa, dat sinn och sozial Mindestrechter fir all d'Mënschen an e gudde Schutz vun eise perséinlechen Daten am Zäitalter vun der Digitaliséierung. Europa, dat si méi Rechter fir d'Konsumenten. Europa dat heescht, dass mir Lëtzebuerger op Aenhéicht a gläichberechtegt mat eisen europäesche Partner diskutéieren an décidéieren. Europa gëtt eiser Stëmm Gewiicht an der Welt. — Et gëtt keng Alternativ zu Europa. Mee Europa ass ausser Otem. D'Solidaritéit tëscht den europäesche Länner ass ugeschloen. D'Austeritéitspolitik huet d'Ongläichheete verstäerkt an d'Vertraue vun den Europäer an d'Politik geschwächt. Ze ville Mënsche geet et net gutt. Si sinn der Aarmut oder dem Aarmutsrisiko ausgesat a kréien d'Enner net méi zesummen.

Ee vu véier europäesche Kanner ass direkt vun Aarmut betraff. Fir grad déi Leit sinn och d'Ëmweltproblemer am gréissten. Si leiden am meeschten ënnert Loftverschmotzung, schlechtem Waasser an dem Klimawandel. D'Onzefriddenheet vun de Mënschen, déi am aktuelle Wirtschaftssystem op der Streck bleiwen, stäerkt nationalistesch Populisten. Si féiert zu enger Kris vun der Demokratie an den europäesche Wäerter.
All dëst huet ee gemeinsamen Nenner: d'Ongerechtegkeet. D'sozial, d'ekologesch an déi demokratesch Kris sinn allen dräi den Ausdrock vu feelender Gerechtegkeet. Si mussen dofir zesumme geléist ginn. Ëm sou méi well déi verschidde Krisen ee gemeinsamen Ausléiser hunn: e kuerzfristeg ausgeriichte Wirtschaftsmodell, dee wéineg Rücksicht op de Mënsch an nach manner op d'Ëmwelt hélt.

Mir Sozialiste setzen eis fir e bessert Europa an. Fir eng europäesch Politik, déi de Mënsch, d'sozial Rechter, d'Ekologie an d'Wuel vun der Allgemengheet an den Zentrum stellt.

De 26. Mee d'Sozialiste wielen heescht en anert Europa wielen. E gerecht, solidarescht, ernei-erbaart, innovatiivt, demokratescht a friddlecht Europa.

Europa.
Natierlech.
Gerecht.

europa.lsap.lu

E e soziaalt an e gerecht Europa ass nëmme méiglech, wa mir Ongläichheete reduzéieren an Ongerechtegkeet bekämpfen. Bierger, Konsumenten a Salariéeë mussen hir Rechter kënnen duerchsetzen.

D'Sozialiste wielen heescht:

→ eng Fra/Mann-Gläichstellungsstrategie, déi all Form vun Diskriminatioun tëscht de Geschlechter op en Enn bréngt

→ eng EU-Agenda fir de Kampf géint d'Aarmut. Dëst fir d'Zuel vun de Betraffene bis 2030 ëm 25 Milliounen, a bis 2050 ëm 50 Milliounen erofzedrécken

→ en europäesche Mindestloun, deen op engem nationalen Index berechent gëtt an deen all EU-Bierger en anstännegt Liewen a sengem Land erméiglecht

→ eng sozial Protektioun fir all déi Schaffend, besonnesch och déi, déi op den digitale Plattformen an an allen anere Secteure mam Risiko vu Schäin-selbstständegkeet schaffen

→ sécher a stabil Aarbechtsverhältnisser fir all schaffend Leit

→ eng Verbesserung vun de Matbestëmmungsrechter vun de Salariéeën op europäeschem Niveau

→ eng Europäesch Agence fir Aarbecht, déi dofir suergt, datt d'Aarbechtsrecht agehalen an de Sozialdumping verhënnert gëtt

→ e Recht op Weider- a Fortbildung fir all déi, déi schaffen, fir se bei der grousser Transitioun an der Aarbechtswelt ze begleeden

→ e verbindlechen Étiquetage vu Liewensmëttelen, deen Opschloss gëtt zum Nährwäert, der Hierkonft an och dem Impakt op d'Ëmwelt an de fairen Handel

→ nei Konsumenterechter op den Online-Handelsplattformen: zu de Froe vu Livraisoun, dem Récktrëttsrecht, dem Rechtsschutz bei neie Forme vu Bedruch

→ d'Méiglechkeet fir d'Konsumenten, europawäit Sammelkloen ze lancéieren, fir hir Rechter effikass anzefuerderen

© Markus Spiske, Damien Kühn/Unsplash

© Andrew Neel/Unsplash

© Thomas Richter/Unsplash

© Michael Browning/Unsplash

Europa.
Bestëmmt.
Solidaresch.

europa.lsap.lu

Europa ass a bleift och an der noer Zukunft dee gréisste Wirtschaftsraum op der Welt. Et läit also un eis, wéi mer eise Wirtschaftsmodell ausriichten. E Modell, deen eleng de kuerzfristege Profit ustrieft, muss der Vergaangenheet ugehéieren. De Mënsch an d'Ëmwelt sollen an den Zentrum vun eise Wirtschaftsiwwerleeunge réckelen. Den europäesche Wirtschaftsmodell soll nohalteg, sozial a fair sinn.

D'Sozialiste wielen heescht:

→ en «EU-Nohaltegkeetspass» mat sozialen an ekologesche Critèren, deen den Zougang zum EU-Bannemaart fir d'Entreprise regelt

→ EU-wäit sozial an ekologesch Critère fir d'Vergi vun ëffentlechen Opträg

→ eng europawäit effektiv Kierperschaftssteier (impôt sur les sociétés) vu minimum 18%. Fir datt all d'Entreprisen hiren Deel vun der Steierlaascht droen, och d'multinational Entreprisen am digitale Beräich

→ eng Finanztransaktiounssteier, déi der ekologescher an der digitaler Transitioun zeguttkënnt

→ eng verbessert Kooperatioun tëscht den nationale Steierautoritéiten

→ d'Eestëmmegkeet am Conseil soll a Steierfroen iwwerduecht ginn

→ eng resolut europäesch Politik fir kleng a mëttelgrouss Entreprisen am Allgemengen an den Entreprise vun der «économie sociale» am Speziellen. Europa soll attraktiv fir d'Entrepreneuriat sinn

→ d'Stäerkung vun der europäescher Industrie, fir datt se kompetitiv an zukunftsorientéiert bleift, fir datt déi laang industriell Traditioun an Europa weider besteet

Europa.
Onbedéngt.
Erneierbar.

europa.lsap.lu

D'Wëssenschaft léisst keen Zweiwel drun: de globale Klimawandel muss op 1,5 C° begrenzt bleiwen, wa mer eise Kanner an Enkelen e liewenswäerte Planéit hannerloosse wëllen. Fir aner ekologesch Froe wéi d'Biodiversitéit an d'Buedemfruchtbarkeet ass d'Urgence net manner grouss. Wéi all Ëmweltthema ass d'Klimafro eng fundamental Gerechtegkeetsfro, tëscht de Generatiounen an tëscht Aarm a Räich. Europa brauch eng sozial gerecht ekologesch Transitioun.

D'Sozialiste wielen heescht:

→ eng wëssenschaftsbaséiert Klima- an Energie-Strategie fir 2050, déi d'sozial gerecht Transitioun voll integréiert a spezifesch Transitiounsprogrammer fir energieintensiv Secteure virgesäit

→ eng europäesch Investitiounspolitik, déi virun allem d'Energietransitioun ustéisst

→ eng europäesch Landwirtschaftspolitik, déi souwuel Klima- a Biodiversitéitsziler verfollegt wéi och de Bauere gerecht Präisser garantéiert, hir Roll an der Produktiouns- an Distributiounschâine vu gesonde Liewensmëttele valoriséiert a besonnesch jonke Baueren den Zougang zu landwirtschaftlechem Terrain erliichtert

→ Budgetsregele fir d'Memberstaaten, déi nieft Schold- an Defizitcritère verbindlech sozial-ekologesch Objektiver verfollegt

→ en neit Mandat fir d'Europäesch Zentralbank, fir datt hir Politik nieft der Präisstabilitéit och déi sozial-ekologesch Objektiver verfollegt

→ eng Steierpolitik, déi de Faktor Pollutioun penaliséiert an de Faktor Aarbecht entlaascht

→ verbindlech Mesuren zur Eliminatioun vun Eeweeplastik, zur Vermeidung vum Liewensmëttel-Gaspillage an zu der Liewensdauer vun elektronesche Produiten.

Europa.
Absolut.
Innovativ.

europa.lsap.lu

Déi 4. industriell Revolutioun ass am Gaang. Digitaliséierung, Robotiséierung a künstlesch Intelligenz bidde nei Méiglechkeeten an alle gesellschaftleche Beräicher. Déi Chance sollen alle Leit zeguttkommen. Kee soll zeréck bleiwen. Bildung a Weiderbildung fir jidderee sinn haut méi wichteg wéi jee. Gläichzäiteg gëllt et awer och, fundamental europäesch Wäerter an der digitaler Welt ze garantéieren: Meenungsfräiheet, perséinlech Sécherheet, Toleranz a géigesäitege Respekt solle weiderhi grouss geschriwwe ginn, genee wéi och de Schutz vun de Konsumenten.

D'Sozialiste wielen heescht:

→ eng europäesch Investitiounspolitik, déi op Recherche an Développement ausgeluet ass an déi d'Innovatiounskraaft besonnesch vu klengen a mëttele Betriber verstäerkt

→ en europäescht Recht op Weiderbildung an eng europäesch Job-Garantie fir Leit, deenen hir Aarbecht sech duerch d'Digitaliséierung oder d'Robotiséierung verännert oder déi se doweinst riskéieren ze verléieren

→ keng «upload filters» déi d'Meenungs- an Ausdrocksfräiheet beschränken. Responsibiliséierung vun de digitale Plattforme och bei der Remuneratioun vun de kreativ Schaffenden

→ e weideren Ofbau vum sougenannte «geo-blocking», fir dass de fräien Zougang zu Online-Offeren europawäit garantéiert ass

→ eng efficace europäesch Zesummenaarbecht bei der Cybersecurity

© Rob Lambert/Unsplash

© Spencer Davis/Unsplash

© Pier35/AdobeStock

© Ivan Traimak/AdobeStock

© Samuel Zeller/Unsplash

© Gorodenkoff/AdobeStock

Europa.
Sécher.
Demokratesch.

europa.lsap.lu

D'europäesch Demokratie ass a Gefor. Manipulatioun duerch nationalistesch a populistesch Kräften, mangelnd Transparenz vun den europäeschen Institutiounen, ongehemmten Afloss vun de Multinationalen an ongenügend Abannung vun den Akteuren aus der Zivilgesellschaft: alles Facteuren, déi zur Désillusioun vum Bierger vis-à-vis vun der europäescher Iddi bäidroen. Europa muss e neie Kontrakt mam Bierger schléissen, fir d'europäesch Demokratie nei ze beliewen.

D'Sozialiste wielen heescht:

→ eng schnell Ëmsetzung vum verstäerkten Initiativrecht fir d'Bierger an d'Hamoniséierung vum EU-Wahlrecht, fir datt d'EU-Bierger iwwerall déiselwecht Rechter hunn

→ méi transparent Entscheedungsprozesser, virun allem am Conseil

→ eng verbessert parlamentaresch Kontroll vun allen Décisiounen, besonnesch och am Finanz- an am Wirtschaftsberäich

→ en europawäite Schutz fir Whistleblower

→ en neie Sozialdialog mat méi Rechter fir d'Gewerkschaften an d'Zivilgesellschaft an den europäesche legislative Prozeduren

→ den Ausbau vum Recht op Kollektivverträg

Europa.
Weider.
Friddlech.

europa.lsap.lu

Déi fundamental Iddien an d'Weltbild op deenen d'Europäesch Unioun berout, ginn op internationalem Niveau ëmmer méi oft a Fro gestallt. Mee nëmme wa mer weiderhi Multilateralismus, Rechtsstaatlechkeet a Mënscherechter héich halen, ënnert eis an dobaussen an der Welt, bleift de Friddensprojet Europa um Liewen. Europa brauch eng staark a selbstänneg Aussepolitik fir seng Bierger a Wäerter ze verdeedegen a fir mat enger Stëmm an der Welt ze schwätzen.

D'Sozialiste wielen heescht:

→ d'Eestëmmegkeet am Conseil fir d'Aussepolitik ofschafen, fir eng efficace europäesch Aussepolitik ze garantéieren

→ alles drunzesetzen, fir den INF-Vertrag ze erhalen an nei, multilateral Verträg a Saache Rüstungskontroll auszeschaffen, mam laangfristegen Zil, atomar Waffe ganz ofzeschafen

→ legal Kaderen opstellen, fir déidlech, autonom Waffen, Cyberwaffen an aner nei Waffesystemer ze reglementéieren oder ze verbidden

→ en EU-Plang fir Entwécklungshëllef, deen op de 17 Ziler vum 2030-Agenda baséiert an all EU-Member dozou verflicht, mindestens 0.7% vu sengem RNB an Entwécklungshëllef ze investéieren

→ sozial an ekologesch Standarden an Handelsofkommessen an aneren internationale Verträg verankeren, fir de Mënsch, d'Aarbecht an d'Ëmwelt ze schützen

→ eng Reform vun der Dublin-Regulatioun, déi d'Laaschten a Saachen Asylpolitik duerch e solidaresche Verdeelungsmechanismus méi gerecht tëschent de Memberstaate verdeelt

→ eng verbessert europäesch Regelung fir d'Integratioun vu Flüchtlingen

Et gëtt keng Alternativ zu Europa. Mee et ginn Alternativen zur aktueller europäescher Politik.

D'Sozialisten engagéiere sech fir en Europa, dat de Bierger an de Mëttelpunkt stellt. En Europa, dat méi gerecht ass, méi sozial a méi ekologesch. E solidarescht Europa, no baussen an no bannen. En Europa, dat no vir kuckt.

© Modern Affliction/Unsplash

© David Asbeh/Stock

© James Sullivan/Unsplash

© Ivan Traimak/Adobe Stock

IMPRESSUM
Verantwortlech

LSAP

Generalsekretariat
68, rue de Gasperich
L-1617 Luxembourg
info@lsap.lu

Gedréckt op recycléiertem Pabeier

Konzept an Design
SiYOU

Europa. Kloer. Anescht.

European elections
26th May 2019

LSAP

Manifesto

Europe. Clearly. Different.

europa.lsap.lu

Europe. Naturally. Fair. p 4
Europe. Undoubtedly. Unified. p 6
Europe. Categorically. Renewable. p 7
Europe. Absolutely. Innovative. p 8
Europe. Definitely. Democratic. p 10
Europe. Forever. At peace. p 11

LSAP

There is no
alternative to Europe.
There are however alternatives to current European policies.

**Europe.
Clearly.
Different.**

europa.lsap.lu

Europe is the peace, democracy and common values that we share with our fellow European citizens. Europe is the freedom to travel and work without checks or conditions. Europe is the freedom for our youth to study and develop themselves in all countries of the European Union, to experience other cultures and meet new people. Europe is the largest single market in the world underpinning the prosperity of our country. Europe is a strong single currency. Europe is also the guarantee of minimum social rights for all and the protection of personal data in the digital age. Europe is the bastion of consumer rights. Europe allows us, Luxembourgers, to discuss and decide alongside our European partners on an equal footing. Europe gives force to our voice in the world. — There is no alternative to Europe. But Europe has lost its energy. Solidarity between European states seems to be worn out. Austerity politics has reinforced inequalities and weakened Europeans' confidence in politics. Too many find themselves in a precarious situation. They face poverty or the risk of poverty and lack money each month. One European child in four is affected by poverty. The poor are in particular the most harmed by the consequences of environmental issues. They suffer the most from air pollution, poor water quality and the impacts of climate change. Nationalist and populist tendencies are reinforced by the frustration of those people left behind by the current economic system. There is a common denominator to all of this: inequality. The social, ecological and democratic crises are all symptoms of a lack of fairness. They must consequently be addressed together. This is all the more valid as these crises have a common origin: a short-termist economic system which cares little for human needs and still less for the environment.

We, socialists, are committed to a better Europe. For European policies which put people, social rights, ecology and the public interest at the centre of their concerns.

Voting for the socialists on the 26 May means voting for another Europe. A fair, unified, sustainable, innovative, democratic and peaceful Europe.

Europa.
Naturally.
Fair.

europa.lsap.lu

Europe will only become social and fair if we fight inequality and injustice. Citizens, consumers and employees must be able to reclaim their rights effectively.

Voting for the socialists means:

→ a strategy for the equality of women and men which ends all discrimination based on gender

→ a European Union agenda to fight poverty. With the objective of reducing the number of people affected by 25 million in 2030 and by 50 million in 2050

→ a European minimum wage calculated on the basis of national indices which will permit all citizens of the European Union to live decently in their country

→ social protection for all employees, including those working for digital platforms and other sectors prone to engaging the artificially self-employed

→ strong and stable working conditions for all employees

→ the reinforcement of employees' right to co-decision-making throughout Europe

→ a European employment agency to supervise the respect for employment regulations and to prevent social dumping

→ a right to continuing education for all workers to support them during the huge transition in the world of work

→ strict labelling of food products providing information on nutritional value, origin, environmental impact and fair trade

→ new rights for consumers using online platforms covering issues of delivery, the right to rescind, legal protection against new types of fraud

→ the possibility for consumers to come together to launch class-actions throughout Europe.

© Markus Spiske, Damien Kühn/Unsplash

© Andrew Neel/Unsplash

© Thomas Richter/Unsplash

© Michael Browning/Unsplash

Europe. Undoubtedly. Unified.

europa.lsap.lu

Europe will remain the largest economic zone in the world. It's up to us to decide its rules of governance. We must leave behind us an economic model which focuses exclusively on short-term profit. People and the environment must be placed at the centre of economic thoughts. The European economic model must be sustainable, social and fair.

Voting for the socialists means:

→ the introduction of a "corporate responsibility passport" fixing mandatory social and ecological criteria for businesses which want to access the European single market

→ social and ecological criteria in public procurement

→ corporate taxation with a minimum effective rate of 18% throughout the European Union to ensure that all businesses contribute to tax revenues. This applies equally to large multinationals and to companies operating in the digital sector

→ a financial transactions tax used to fund the ecological and digital transitions

→ better cooperation between the tax authorities of European Union member states

→ rethinking the requirement for unanimity of member states on tax matters at the European Council

→ a European policy to support small and medium enterprises in general and to favour enterprises in the social and cooperative economy in particular. Europe must be attractive to entrepreneurs

→ strengthening European industry which must remain competitive and innovative to continue Europe's long industrial tradition.

Europe. Categorically. Renewable.

europa.lsap.lu

Science leaves no doubt: we must limit the warming of the climate to 1.5°C if we want to leave a viable planet to our children and grand-children. The emergency is as acute for other environmental issues such as biodiversity and soil fertility. As with all environmental risks, climate issues represent fundamental challenges of fairness between generations and between rich and poor. Europe needs a socially fair ecological transition.

Voting for the socialists means:

→ a science-based climate and energy strategy for 2050 integrating a socially fair transition and foreseeing specific transition programmes for sectors of high energy intensity

→ a European investment policy which stimulates the energy transition as a priority

→ a European agricultural policy which follows climate and biodiversity objectives in combination, guaranteeing fair prices to farmers, valuing their role in healthy food production and supply chains, and which helps young farmers to access agricultural land

→ budgetary rules for member states which, in addition to the criteria for public debt and deficits, include social and ecological objectives

→ a new mandate for the European Central Bank so that its policy doesn't only target price stability but also social and ecological objectives

→ a fiscal policy which penalizes pollution and reduces the tax burden on employment

→ strict measures to eliminate single use plastic, to limit food waste and to increase the useful life of electronic devices.

Europe. Absolutely. Innovative.

europa.lsap.lu

The 4th industrial revolution is underway. Digitalization, robotization and artificial intelligence create new opportunities in all sectors of society. We need to ensure that everyone benefits from this chance. No one should be excluded. Education and professional development must remain accessible to all. At the same time, it's essential to guarantee the respect for our fundamental European values in a digital world: freedom of expression, personal security, tolerance, mutual respect and consumer protection must remain the pillars of our society.

Voting for the socialists means:

→ a European investment policy focused on research and development favouring dynamic innovation especially by small and medium enterprises

→ the right to professional development at the European level and guaranteed employment for those confronted by the risk of redeployment or even the loss of their job due to the impact of digitalization and robotization

→ no automated filtering system, which would reduce freedom of opinion and expression, in the context of the copyright directive. On the contrary, requirements should be placed on digital platforms, notably regarding payments to content creators

→ further reductions in geographical blocking to ensure free access to online content throughout Europe

→ efficient European co-operation on cyber security.

© Rob Lambert/Unsplash

© Spencer Davis/Unsplash

© Pier35/AdobeStock

© Ivan Traimak/AdobeStock

© Samuel Zeller/Unsplash

© Gorodenkoff/AdobeStock

Europe. Definitely. Democratic.

europa.lsap.lu

The future of European democracy is at risk. Nationalist and populist forces manipulating public discourse, European institutions lacking transparency, multinationals exerting a disproportionate influence on political decisions, representatives of civil society being excluded from democratic processes are all factors which feed the disillusion amongst our citizens regarding the European project. Concluding a new contract between Europe and its citizens is vital to reinvigorating European democracy.

Voting for socialists means:

→ a rapid introduction of reinforced rights to citizens' petitions as well as the harmonization of voting rights in the EU to guarantee the same rights to the citizens of all member states

→ more transparent decision-making, especially at the EU Council

→ reinforced parliamentary control over all political decisions, especially in respect of finance and the economy

→ protection of whistleblowers at the European level

→ the introduction of a new social dialogue giving additional rights to unions and civil society in European legislative processes

→ the expansion of the right to negotiate and conclude collective bargaining agreements.

Europe.
Forever.
At peace.

europa.lsap.lu

The fundamental ideals and world vision on which the European Union rests are more and more challenged internationally. If Europe is above all a peace project, its survival depends on our continued commitment to multilateralism, to the rule of law and human rights. Europe must have a strong and independent foreign policy to defend its citizens and its values and to speak with one voice at the global level.

Voting for the socialists means:

→ abandoning unanimous voting on foreign policy matters to guarantee an effective European foreign policy

→ a fight to the end to safeguard the INF treaty and to develop new multilateral disarmament treaties with the ultimate goal of abolishing nuclear weapons

→ putting in place strict legal frameworks to regulate or forbid lethal autonomous weapons systems, cyber weapons and other new weapons systems

→ a European action plan for development aid based on the 17 sustainable development objectives of Agenda 2030 and the obligation for member states to allocate at least 0,7% of their GDP to development aid

→ to impose social and ecological norms in free trade agreements to protect citizens, employment and the environment

→ the revision of the Dublin III Regulation which should aim at a unified and fair system of allocation for the placement of migrants to reduce the pressure on certain member states

→ improved European regulation for the integration of migrants.

There is no alternative to Europe. There are however alternatives to current European policies.

The socialists aspire to a Europe which places citizens at the centre of its issues. A fairer Europe, more social, more ecological. A Europe of solidarity within its borders but also beyond them. A Europe facing the future.

© Modern Affliction/Unsplash

© David Asbeck/Stock

© James Sullivan/Unsplash

© Ivan Traimak/Adobe Stock

IMPRINT
Responsible

LSAP

Generalsekretariat
68, rue de Gasperich
L-1617 Luxembourg
info@lsap.lu

Printed on recycled paper

Concept and Design
SiYOU

Europe. Clearly. Different.